N°4420
Entrée le 09.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 10.07.2026
Chambre des Députés

**Här Claude Wiseler**

**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, de 9. Juli 2026**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

An de leschten Deeg goufen et bei Elteren aus dem Quartier Bouneweg eng Rei Froen a Suerge ronderëm d'Orientatioun an d'Zouweisung vu Kanner aus dem Cycle 4.2 an d'7e classique.

No Informatiounen, déi eis erreecht hunn, sollen Demande fir eng 7e classique um Geesseknäppche respektiv um Lycée zu Lampertsbierg a verschiddene Fäll net ugeholl gi sinn. D'Dossiere vun de concernéierte Schülerinnen a Schüler wieren duerno un de Lycée zu Bouneweg transferéiert ginn, dee mat senger neier Section classique als Lycée de proximité ugesi gëtt.

An deem Kontext wollt ech follgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen:

- Kann den Här Minister präziséieren, no wéi enge Critèren d'Zouweisung vun de Schülerinnen a Schüler an eng 7e classique gemaach gëtt, wann d'Familljen eng Demande fir e bestëmmte Lycée agereecht hunn?
- Wéi vill Demande fir eng 7e classique um Geesseknäppche respektiv um Lycée zu Lampertsbierg goufen dëst Joer net ugeholl, a wéi vill vun dësen Dossiere goufen un de Lycée zu Bouneweg transferéiert?
- Wéi gëtt séchergestallt, datt d'Eltere kloer an transparent iwwer d'Grënn vun enger refuséierter Demande an iwwer déi weider Prozedur informéiert ginn?
- Wéi eng Méiglechkeeten hunn d'Familljen, wann si mat enger automatescher Zouweisung un e Lycée de proximité net averstane sinn?
- Huet de Ministère Kenntnis dovun, ob et dëst Joer och op anere Plazen oder an anere Lycéeën zu änleche Situatioune komm ass, bei deenen eng Demande an engem gewënschte Lycée net ugeholl goufen an d'Dossieren duerno un e Lycée de proximité transferéiert goufen?

Här President, bieden ech Iech, main déifste Respekt unzehuelen.

Paul Galles

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4420 vum honorabelen Deputéierte Paul Galles**

1. **Kann den Här Minister präziséieren, no wéi enge Critèren d'Zouweisung vun de Schülerinnen a Schüler an eng 7e classique gemaach gëtt, wann d'Familljen eng Demande fir e bestëmmte Lycée agereecht hunn?**

   Et sief fir d'alleréischt präziséiert, datt d'Prozedur vun den Aschreiwungen zanter Joren onverännert ass, an op der Basis vum Artikel 37 vum Lycéesgesetz *(loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées)* organiséiert gëtt.

   Am Allgemengen ënnerläit d'Aschreiwung vun de Schüler an d'Lycéeën der Responsabilitéit vun de Schouldirektiounen. Elteren oder Persounen, déi d'Eltererecht iwwert de Schüler hunn, kënnen eng Demande fir eng Aschreiwung an de Lycée vun hirer Wiel stellen.

   Wann d'Zuel vun den Demanden d'Capacitéit vun engem Lycée iwwerschreit, gëtt d'Opnam am Aklang mam uewe genannten Artikel 37 gereegelt. Verschidde Critèrë ginn dobäi berécksiichtegt, besonnesch ob e Geschwësterkand schonn an déi selwecht Schoul geet an d'Proximitéit vum Wunnuert vum Schüler.

   Déi aktuell Gesetzgebung gesäit kee Konzept vun engem *lycée de proximité* vir – a scho guer net d'Recht op eng automatesch Aschreiwung an esou eng Schoul –, mee si gëtt der Aschreiwung an engem Lycée, deen an der Ëmgéigend vum Wunnuert läit *(„un lycée situé à proximité du lieu de résidence")*, de Virrang.

2. **Wéi vill Demande fir eng 7e classique um Geesseknäppche respektiv um Lycée zu Lampertsbierg goufen dëst Joer net ugeholl, a wéi vill vun dësen Dossiere goufen un de Lycée zu Bouneweg transferéiert ?**

   Um Geesseknäppche konnten 126 Demanden net ugeholl ginn, 76 am Lycée Michel Rodange, 48 am Lycée Aline Mayrisch; um Lampertsbierg konnte 26 Demandë fir de Lycée de Garçons net ugeholl ginn.

   Insgesamt goufen 49 Dossieren an de Bouneweger Lycée transferéiert.

3. **Wéi gëtt séchergestallt, datt d'Eltere kloer an transparent iwwer d'Grënn vun enger refuséierter Demande an iwwer déi weider Prozedur informéiert ginn?**
4. **Wéi eng Méiglechkeeten hunn d'Familljen, wann si mat enger automatescher Zouweisung un e Lycée de proximité net averstane sinn?**

   Wann d'Direktioun vun engem Lycée enger Demande fir eng Admissioun net nokomme kann, informéiert si d'Famill vum betraffene Schüler a bitt hir eng Plaz an engem anere Lycée un, deen nach Plaz huet. Dës Offer berécksiichtegt souwuel déi geografesch Proximitéit wéi och d'Disponibilitéit vu Plazen an de verschiddene Schoulen.

   Dëst geschitt unhand vun engem standardiséierte Bréif, deen de Familljen zougestallt gëtt.

No dëser Offer steet et de Famillje fräi, sech mat engem anere Lycée a Verbindung ze setzen, deen nach Plazen ubitt.

5. **Huet de Ministère Kenntnis dovun, ob et dëst Joer och op anere Plazen oder an anere Lycéeën zu änleche Situatioune komm ass, bei deenen eng Demande an engem gewënschte Lycée net ugeholl goufen an d'Dossieren duerno un e Lycée de proximité transferéiert goufen?**

   Och zu Esch konnte 26 Demanden net ugeholl ginn, 23 am Lycée Hubert-Clement, dräi am Lycée technique de Lallange.

Lëtzebuerg, de 4. September 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH